## Carte Blanche Pierre Hurt directeur OAI

VER 19/01/2021

## RTL Radio 20/01/2021 12h50

### Titre

**Wien bestëmmt wéi mir zesummeliewen?**

### Annonce

D'Sanitärkris deckt déi strukturell Problemer vun eiser Gesellschaft op.

Et ass wichteg, dass d'Politik, mat der Zivilgesellschaft an de Bierger, d'Gestaltungshoheet méi staark zeréck an hier Hänn hëlt.

Vum **Pierre HURT,** directeur de l'Ordre des Architectes et des Ingénieurs-Conseils

(**oai.lu**)

### Texte

**Wien bestëmmt wéi mir zesummeliewen?**

D'Sanitärkris deckt déi strukturell Problemer vun eiser Gesellschaft op.

Oft genuch ass ons Schwächt - net wëllen ze deelen - de Grond fir eis Problemer.

Beispiller dofir : d'Zréckhale vu Bauterrainen oder NIMBY-Mentalitéit.

Mir brauche Fakten, déi an ëffentlecher Hand leien an déi zougänglech sinn, fir een objektiven Debat.

Gestaltung vun eisem Zesummeliewen an d'Entwécklung vun eisem Territoire an der Groussregioun, stinn staark am Zesummenhang mat der *Gestioun vun den prises d'influences*.

Haut hu mir e *système mondial financier et économique,* deen eist Liewen zu 100 Prozent impaktéiert, esouguer festleet. D'Autosbranche,

d’Liewensmëttelindustrie an méi rezent déi Sozial Medien hunn eist Liewen ze vill dominéiert.

Mir brauchen do en Equiliber : Idealerweis misst Populatioun *de Wirtschaftssystem* méi staark matgestalten.

E Beispill dat weist, dass d’Bevëlkerung wäitsiichteg ka sinn, ass eng rezent Volleksinitiativ aus der Schwäiz

*„Konzernverantwortungsinitiative“* (KVI).

Bei dëser hunn 57 Prozent vun de Wieler dofir gestemmt, dat Konzerner méi Verantwortung iwwerhuele sollen, an sech fir de Schutz vu Mënsch an Ëmwelt asetze sollen.

Eng ganzheetlech Etüd zu Lëtzebuerg soll weisen, wéi mir nach méi nohalteg bauen, an den Amenagement vum Territoire nach méi an den Aklang mat der Zirkularwirtschaft brénge kënnen.

Dofir brauche mir onofhängeg Beroder, déi kee Conflit d‘intérêt hunn, an esou déi beschtméiglech Konzepter entwéckele fir ons all.

Mir brauchen eng Strategie globale: En echten *code de la construction,* fir dass d‘Politik sech eens ginn, wat d‘Prioritéiten an d’Hierarchien sinn.

Schlau bauen, dofir brauche mir méi konzeptuell Ressourcen ier mir ufänken ze bauen.

Et ass wichteg, dass d’Politik, mat der Zivilgesellschaft an de Bierger, d’Gestaltungshoheet méi staark zeréck an hier Hänn hëlt.

Firwat brauche mir e resilienten C*adre de Vie* ?

Fir de Willy Brandt ze zitéieren: „Kann een ni so komplizéiert denken, wéi et stënterlech kënnt“

Zum Schluss: All Kris bréngt och ëmmer dat Bescht aus eis eraus.

Deelen, mëscht ons all méi räich.

**Pierre Hurt**